



Réponse commune du Ministre du Travail, de la Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, du Ministre des Finances et du Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur à la question parlementaire N°3232 du 24 novembre 2025 de l'honorable Député Sven CLEMENT concernant « Emploi de frontaliers travaillant exclusivement depuis la France ».

Froen N°1 & N°2: Ass der Regierung dës Praxis bekannt a wéi vill Leit sinn aktuell an dësem spezifische Modell zu Lëtzebuerg ugestallt ouni jeemools physisch hei ze schaffen?

Wéi eng legal Bewäertung mécht d'Regierung vun dëser Situatioun am Kontext vun den europäeschen an nationale Gesetzer zum Detachement an zur Sozialversécherung?

Detachementer vu Salariéen an der Europäescher Unioun ginn duerch d'europäesch Gesetzgebung gereegelt. Dobäi ass ze präziséieren, datt en Detachement eng Ausnamereegelung ass, well eng Persoun prinzipiell muss do agestellt an an der Sozialversécherung ugemellt sinn, wou se eng berufflech Aktivitéit huet.

Generell gräife bei den Detachementer innerhalb vun der EU am Aarbechtsrecht d'Dispositiounen vun der Direktiv 96/71/UE, an am Recht vun der sozialer Sécherheet d'Dispositiounen vum EU-Reglement 883/2004 iwwer d'Koordinatioun vun de Systemer vun der sozialer Sécherheet a säin Exekutiounsreglement 987/2009¹.

Onofhängeg wou de Salarié wunnt, gräifen d'Dispositiounen vun den europäesche Reglementer iwwert d'Koordinatioun vun der Sozialversécherung. Dës gesi vir, dat an dësem Fall de Salarié der Gesetzgebung vun deem Staat ënnerläit, op deem sengem Territoire de Salarié schafft.

Dës Prinzip gëllt onofhängeg vum Sëtz vum Employeur. Dat bedeit, datt e Salarié, deen seng Aktivitéit a Frankräich ausübt, am Prinzip der franséischer Gesetzgebung ënnerläit, och wann de Sëtz vum Patron zu Lëtzebuerg ass.

En Detachement ass also eng Ausnam vun dëser Grondreegel, an ass konform mat de gesetzleche Bestëmmungen, déi aktuell a Kraaft sinn, wa verschidde Konditiounen respektéiert ginn:

- Den Employeur muss normalerweis seng Aktivitéiten um lëtzebuerger Territoire ausüben, dat heescht, hie muss substantiell Aktivitéiten (net nëmmen administrativ intern Aktivitéiten) um lëtzebuerger Territoire maachen;

¹ Règlement (CE) n°883/2004 du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2004 portant sur la coordination des systèmes de sécurité sociale et règlement (CE) n°987/2009 du Parlement européen et du Conseil du 16 septembre 2009 fixant les modalités d'application du règlement (CE) n°883/2004 portant sur la coordination des systèmes de sécurité sociale

- D'Aarbecht muss am Numm vum Employeur gemaach ginn, deem de Salarié detachéiert, mam Erhale vun der organescher Bindung;
- Déi maximal Dauer vun engem Detachement ass 2 Joer (kann ënnert bestëmmte Konditiounen duerch déi 2 Länner verlängert gi, mee ass ëmmer an der Zäit begrenzt an all Eenzelfall gëtt am Virfeld analyséiert);
- Et ass verbueden, en detachéierte Salarié duerch en aneren detachéierte Salarié ze ersetzen;
- Déi betrafte Persoun muss direkt virun der Period vum Detachement dem lëtzebuergesche Recht ënnerleien.

Wann all d'Konditiounen erfëllt sinn, kann den Employeur zum Beispill e franséische Resident detachéieren, fir eng beruflech Aktivitéit um franséischen Territoire auszuféieren, während d'Affiliatioun bei der lëtzebuergescher Sozialversécherung erhale bleift.

E franséische Resident, deem net (virum Detachement) dem Recht vun der lëtzebuergescher Sozialversécherung ënnerläit, also deem zum Beispill net um lëtzebuergesche Territoire geschafft huet an der Period virum Detachement, kann net detachéiert ginn, fir eng beruflech Aktivitéit an engem aneren EU-Memberstaat auszuféieren.

D'Employeur mussen all Detachementer an en anert Land beim Centre commun de la sécurité sociale (CCSS) deklaréieren. Ier dësen Detachement accordéiert gëtt, mécht de CCSS eng Kontroll vun der Obligatioun vun der Soumissioun zum lëtzebuergesche Recht, während der Period virum Detachement.

Am Fall wou de Salarié virum Detachement net der lëtzebuergescher Gesetzgebung ënnerläit, also wa keng Affiliatioun am Viraus bestanen huet, gëtt den Detachement refuséiert an den Dossier gëtt un déi zoustänneg Institutioun am Ausland weidergeleet, fir datt dës d'Affiliatioun vun der betraffener Persoun virhëlt.

Den CCSS huet eng Internetsäit, déi speziell den Detachement am Kader vun der Europäescher Unioun gewidmet ass a wou d'Employer déi relevant Informatiounen fanne kënnen:

<https://ccss.public.lu/fr/employeurs/secteur-prive/activite-etranger/art12.html>

Froen N°3 & N°4: Gëtt et schonn Diskussiounen tëscht de lëtzebuergeschen a franséischen Autoritéiten zu dësem Thema, a wa jo, wat ass de Stand vun dësen Diskussiounen?

Plangt d'Regierung Moossnamen ze huelen, fir dës Praxis ze reguléieren oder anzeschränken, falls se als net konform mat de gëltege Gesetzer ugesi gëtt?

Den CCSS schafft besonnesch bei den Detachementer, enk zesumme mam *Service contrôle et lutte contre la fraude* vun der URSSAF Lorraine, fir d'Fäll vu Persounen ze erkennen an ze reegelen, déi net am richtegen EU-Memberstaat affiliéiert sinn. Souwuel d'Kontrollinstanz zu Lëtzebuerg wéi och déi a Frankräich féieren Iwwerprüewunge vun de Situatiounen vun de verschiddene Persounen duerch. Et gëtt och e regelméisseg Austausch tëscht den einzelnen Organismen, fir eng effizient Bearbechtung vun den Dossier ze garantéieren. Wa festgestallt gëtt, datt eng Persoun falsch an/oder mëssbräichlech an een aneren EU-Memberstaat detachéiert gouf, gëtt eng Desaffiliatioun duerchgefouert (wann néideg och

réckwierkend) an engem Memberstaat an eng nei Affiliatioun (ggf. och réckwierkend) an engem anere Memberstaat gemaach.

Fro N°5: Wéi eng potenziell Auswierkunge gesäit d'Regierung op d'Steieraccorde mat Frankräich, falls dës Praxis weider zouhëlt?

Déi aktuell bilateral Steierkonventioun leet scho Reegele fest fir d'Opdeelung vum Besteierungsrecht tëscht Frankräich a Lëtzebuerg vum Akommes vun natierlechen a juristesche Persounen.

Luxembourg, le 5 janvier 2026

(s.) Marc SPAUTZ
Ministre du Travail